

Lëtzebuerg, den 13 ten Dezember 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden:

„An hirer gemeinsamer Äntwert op eis parlamentaresch Fro n°7111 vum 3. November 2022 hunn d'Madamm Gesondheetsministesch an den Här Minister fir sozial Sécherheet e Projet mam Numm „Schlasskéier“ no bei der Clinique Saint Joseph zu Wootz an d'Gespréich bruecht.

An deem Kontext wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir sozial Sécherheet folgend Froe stellen:

- *Soll dëse Projet eng Maison médicale oder e Centre médical hebergéieren?*
- *Ginn déi raimlech Kapazitéite vun der Jousefsklinik net méi duer fir verschidden Zerwisser unzebidden?*
- *Wat fir eng Leit, respektiv wéi vill Leit, sollen an dëser Struktur spéider schaffen a wéi gesäit d'Kooperatioun mat der Klinik aus?*
- *Vu, datt zënter längerer Zäit keen Noutdéngscht méi zu Wootz an den Owes- an Nuetsstonnen ugebuede gëtt, wier et dofir net sënnvoll fir déi eidelstoend Raimlechkeeten an der Klinik ze notzen, dat fir medezinesch Déngschter, déi soss an enger Maison médicale offréiert ginn ?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg


Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'A. Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER
Deputéierten

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'C. Hartmann', with a horizontal line crossing the middle.

Carole HARTMANN
Deputéiert